



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 04/05/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.

Lëtzebuerg a seng Finanzplaz bitt ville Länner finanziell a sozial Ënnstetzungen un. Ee Land dovun ass Marokko.

Dëst Land krut zum Beispill am Kader vum 5ten *Accord de coopération dans la domaine de l'assistance technique à la microfinance* mat der BEI Hëllef bei verschiddene Projeten zougesot.

Zudem huet de *Luxembourg Trade and Investment Office* (LTIO) ee Büro zu Casablanca, deen Hëllef soll, den Handel tëscht Lëtzebuerg a Marokko ze vereinfachen, a *Luxembourg for Finance* huet 2012 een Accord de partenariat mat de Leader vum *Projet Casablanca Finance City* ofgeschloss.

A Marokko kënn et awer leider och zu Verhaftunge vu Journalisten. Reporteurs sans frontières mellt, dass zwee Marokkanesch Journaliste säit 8 Méint, respektiv engem Joer, festgehale ginn. Ee Gerichtsprozess, dee fir Ufank Abrëll ugesat war, gouf rezent nees no hanner verréckelt. Marokko ass am Klassement vun der Pressefräiheet dëst Joer nach weider 3 Plätzen op d'Plaz 136 erofgerutscht.

De Bausseminister huet a senger Aussepolitischer Erkläerung d'lescht Joer an der Chamber erkläert, dass d'Relatiounen mat dem Marokko sech verbesseren.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Thematiséiert d'Regierung d'Mënscherechter an d'Pressefräiheet bei all Gespréich mat Verrieder vun der Marokkanescher Regierung?
 - Falls jo, wat war d'Positioun vun de Verrieder vun der Marokkanescher Regierung, wann se op dës Themen ugeschwat goufen?
 - Falls nee, firwat net?
2. Wei sätzt sech déi Lëtzebuergesch Regierung konkret dofir an, dass d'Mënscherechter a Marokko gestärkt ginn?



www.piraten.lu

3. Huet Lëtzebuerg an deene leschten 10 Joer Projeten a Marokko finanzéiert, déi d'Mënscherechter an/oder d'Pressefräiheet am Land stärke sollen?
Falls jo, wéi héisch war déi finanziell Ënnerstëtzung fir dës Projeten?
4. Huet de Bausseminister Donnéeën zu de Projeten, déi an deene leschten 10 Joer op EU-Niveau lancéiert goufen, fir d'Mënscherechter an/oder d'Pressefräiheet a Marokko ze stäerken?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

